adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# de pefferkär

## D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg

## Gemengewalen 2017

## *Roy Reding: „Eng méi liewenswäert, méi sécher, méi propper a besser gefouert Stad!“*



Zanter elo 4 Joer hunn ech d'Éier, an der Chamber fir d'Iddie vun der ADR anzestoen. Mier hoffen all op e Wiessel 2018.

D'Stad Lëtzebuerg verdéngt a mengen Ae genau ewéi eist Land eng besser, méi no vir kuckend, méi realistesch, méi buedemstänneg Féierung. Duerfir hunn ech decidéiert - zesumme mat eiser flotter Equipe vu 27 Kandidaten - bei de kommende Gemengewalen unzetrieden. Net fir "dobäi ze sinn" mee fir eppes an eiser Stad ze bewierken!

Jo, eis Stad ass gewuess. Vläicht méi séier a méi wéi dat gewënscht war oder konnt virausgesi ginn. Mee dësen enorme Wuesstem huet Problemer, Nuisancen, Käschten a Verloscht vu Liewensqualitéit mat sech bruecht, déi net méi akzeptabel sinn.

Mir si keng Meckerhaarien déi ëmmer géint alles sinn, mee mir wënschen eis eng méi liewenswäert, méi sécher, méi propper, besser gefouert Stad!

Dozou gehéiere manner, besser koordinéiert a kontrolléiert Schantercher. Méi Suen an Infrastrukture fir eis Sport - a Kulturveräiner, déi déi Jonk encadréieren a vun der Strooss huelen.

**Méi bezuelbar Wunnengen**

An eisen Artikele liest dier zum Beispill datt eleng um Malakov eng 14 Wunnunitéiten déi der Stad gehéieren zum Deel zanter 8 Joer eidel stinn. Dat ass inakzeptabel ! Mir wäerte 400 Millioune Reserven an de soziale Wunnengsbau investéieren an esou 1500 zousätzlech Wunnengen ubidden!

E "Parc" dee mat Prunk a Pracht ageweit ginn ass an haut eng Brennnesselswiss ass: inakzeptabel!

En Internetsite deen - trotz 200.000 Euro Käschten - nëmmen op franséisch ass: eng Frechheet fir eis national Sprooch an eng Diskriminatioun fir eis portugisesch, däitsch, englesch,... Matbierger.

Bal 4000 beschäftegt Leit bei engem Budget vun em déi 800 Milliounen: do ass méi dran. Ëmmer wa mer Suen ausginn, musse mer wëssen: dat si Steiergelder an de Bierger muss dovunner eng Plus-value kréien.

Sécherheet a Propretéit stinn uewen op eiser Lescht! Méi Präsenz vun der Police, Anti-Graffiti Equippen, Platzverweis géint aggressiv Heescherbanden a knaschtegt Behuelen am ëffentleche Raum: duerfir wäerte mir eis asetzen.

Gratis ëffentlechen Transport steet genau esou op eiser Agenda ewéi eng autofrëndlech Stad, Schluss mat der "Maximal 1 -Parking - pro Wunneng" Politik.

Dat ass eisen Usproch : net "matregéieren" mee besser regéieren! Eis staark Equipe mécht dat méiglech!

Ënnerstëtzt mech a meng Partei, eis Equipe, fir eng Stad, déi besser gefouert gëtt, déi méi propper a méi sécher ass, wou Wunnechten net eidel stinn a Steiersuen net verschwent ginn. **Den 8 Oktober ADR: Är Alternativ an eiser Stad !!!**

## *Schwätzt mat eis*

### Weimerskirch
Centre culturel "Am Duerf"
1, rue Henri Lamormesnil

**Mëttwoch, den 20. September, 19.Auer**

### Hollerech
Centre culturel de Hollerich
34, rue Emile Lavandier

**Donneschdeg, den 21. September, 19.Auer**

### Zéisseng
Centre culturel de Cessange
1, rue St. Joseph

**Méindeg, den 25. September, 19.Auer**

### Neiduerf
Centre culturel Neudorf
254, rue de Neudorf

**Dënschdeg, den 26. September, 19.Auer**

### Bouneweg
Centre culturel de Bonnevoie
2, rue des Ardennes

**Mëttwoch, den 27. September, 19.Auer**

**Walprogramm (Lëtzebuergesch)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

**Wahlprogramm (Deutsch)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

**Programme électoral (Français)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

**Election program (English)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

**Programa eleitoral (Português)**
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/



## Inhaltsverzeechnes

Editorial Roy Reding
Schwätzt mat eis
*Säit 1*

Behënnerten- a senioregerecht Politik
Lëtzebuergesch: am Bierger-Center fänkt et un!
1500 Sozialwunnengen
*Säit 2*

Sécherheet fir jiddwereen
Tourismus: fir méi e schéint Bild vun der Stad!
6 Prioritéiten fir d'Stad
Nohalteg Defiziter?
*Säit 3*

Eidel Wunnenge vun der Stad: verlounen, ELO!
Vill ze vill Schantercher
*Säit 4*

Sport a Kultur: an d'Jugend investéieren
Keng autofräi Stad!
Solidaritéit fir Leit am héijen Alter heescht och, eis Senioren eescht huelen!
*Säit 5*

Zu einer lebenswerten Stadt gehört Sauberkeit und Sicherheit
Was für ein Fest: Bussi-Bussi und Champagner für die Einweihung des „Parc Mansfeld" ...
*Säit 6*

Mat der ADR an de Quartieren
D'Lescht vun eise Kandidaten
**Mëmber-Formular**
*Säit 7*

**Eis Kandidate fir d'Stad Lëtzebuerg**
*Säit 8*

## Behënnerten- a senioregerecht Politik



D'UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung gouf 2011 vu Lëtzebuerg ratifizéiert. Och wann hei punktuell scho munches ëmgesat gouf, sou feelt nach ëmmer villes. Och an der Stad stoussen déi betraffe Leit nach ëmmer op schwiereg Situatiounen, déi hinnen et schwéier maachen, u gesellschaftlechen Evenementer deelzehuelen oder sech fräi an der Gemeng ze beweegen. Déi vill Schantercher an der Stad maachen et z.B. Mënschen am Rollstull quasi onméiglech, am Zentrum (Arrêten Hamilius, Monterey...) an e Bus eran oder eraus ze klammen.

D'ADR setzt sech dofir an, datt déi gesamt Gemengeninfrastruktur am Laf vun der nächster Legislaturperiod behënnerten- a senioregerecht gemaach gëtt. Dëst betrëfft esouwuel den Accès, wéi och d'Beweegen ënnerhalb: administrativen a kulturelle Gebaier; Gebaier vu Bildungs- a Betreiungsstrukturen; Gebaier vum Gesondheetssystem a vu Fleegestrukturen; Kierchen a Kierfechter; Sport- a Fräizäitanlagen; Sanitär-Anlagen; Verkéiersstrukturen (z.B.: Foussgängerluuchten, Stroosseniwwergäng, Busarrêten...).

D'ADR verlaangt, datt en Inventar opgestallt gëtt, an deem fir all ëffentlech Infrastruktur an der Stad festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Op der Basis vun dësem Inventar gëtt dann en Aktiounsplang opgestallt, fir datt an engem kloer definéiertem Zäitraum all dës Mëssstänn behuewe ginn. An Zukunft muss och bei all Schantjen de Bedierfnesser vu Behënnerten a Seniore Rechnung gedroe ginn.

**D'ADR wäert dofir suergen, datt eng integral behënnerten- a seniorefrëndlech Upassung vun alle Gemengeninfrastrukturen net just a Sonndesriede versprach gëtt, mee och an d'Realitéit ëmgesat gëtt.**

## 1500 Sozialwunnengen

D'ADR setzt sech fir bezuelbare Wunnraum fir jiddwereen an! Dobäi huet d'Stad aktuell ronn 800 Milliounen Euro "Reserven", wat ongeféier de Recettë vun engem Joer entsprécht. D'ADR-Stad schléit dowéinst vir, 400 Milliounen aus de Reserven an e Fong ze placéieren.

Dëse Fong huet als eenzegt Objektiv, de Wunnengsbau an der Staat nei ze orientéieren: vill méi Sozialwunnengen, vill méi Wunnenge fir ze lounen, vill méi Wunnengen zu moderate Präisser! Ënner anerem duerch de Kaf vun deenen 10% Wunnengen, déi bei gréissere Projete geschaaft ginn.

Méi ewéi 1500 zousätzlech Sozialwunnenge kéinten esou ugebuede ginn. Wunnengen déi der Stad gehéieren däerfen net eidel stoen! Traditionell steet d'ADR fir de Respekt vun der privater Proprietéit a mir refuséieren duerfir sozialistesch Iddie vun Enteegnung.

## Lëtzebuergesch: am Bierger-Center fänkt et un!




D'ADR ass déif iwwerzeegt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch dat wichtegst Mëttel zur Integratioun ass. D'Stad Lëtzebuerg, wou déi meeschten Auslänner sech als éischt am Land nidderloossen, huet do eng besonnesch Verantwortung.

Schonns beim Umelle am Bierger-Center muss fir den néie Awunner kloer ervirgoen, datt Lëtzebuergesch d'Landessprooch ass an net Franséisch! Do leit schonns den Automat, wou een säin Ticket hëlt, komplett nieft dem Dill. Och all Formular a Broschür muss och op Lëtzebuergesch disponibel sinn.

Et kann och net sinn, datt den Internetsite vun der Stad exklusiv op Franséisch ass. Dat ass net nëmmen eng Frechheet fir eis national Sprooch, ma och eng Diskriminatioun vun eisen däitsch- englesch- portugisesch- an anersproochege Matbierger.

# Sécherheet fir jiddwereen

D'ADR ass der Meenung, datt d'Sécherheet zu den elementare Biergerrechter gehéiert. Speziell an der Stad, déi jo och dat Lëtzebuerger «Aushängeschëld» fir vill Touristen duerstellt, muss d'Sécherheet an d'Propretéit déi éischt Prioritéit vun de lokalen Autoritéite sinn.

Dofir muss och eng permanent präventiv Präsenz vun der Police an deene sougenannten onrouege Quartiere garantéiert ginn. Et däerf net zu rechtsfräien Zonë kommen! Och mussen d'Kommissariater an de Quartiere Gare, Bouneweg, Uewerstad a Kierchbierg esou besat sinn, datt se Dag an Nuecht fir de Bierger op sinn.

D'ADR sëtzt sech dofir an, datt d'Police déi néideg Moyene kritt fir effektiv a konsequent géint déi organiséiert Kriminalitéit kenne virzegoen. Déi organiséiert an aggressiv Heescherei ass ville Stader Bierger en Dar am A. Dofir sëtzt d'ADR sech och dofir an, datt eis Polizisten d'Méiglechkeet kréien, fir a bestëmmte Fäll e Platzverweis auszespriechen.

Rezent Terroruschléi uechtert Europa hunn d'Noutwendegkeet vu spezielle Schutzmoossname bei grousse ëffentleche Veranstaltunge bewisen. Hei duerf et net sinn, datt aus logistesche Grënn grouss Veranstaltunge, wei zum Beispill d'Schueberfouer, während e puer Deeg ongenügend geschützt sinn.

Och muss bei der Konzeptioun vun ëffentleche Plaze Sécherheetskritären zesumme mat de Sécherheetsorgane festgeluecht ginn, respektiv mussen existéierend Plaze sécherheetstechnesch op de lëschte Stand bruecht ginn.

Fir d'ADR ass et kloer, datt d'Police déi néideg personell, materiell a finanziell Moyene kréie muss, fir wierksam kennen ze intervenéieren. Sollten déi finanziell Moyene limitéiert sinn, dann ass d'Uschafe vun deieren Elektroautoe fir eis déi falsch Optioun!




# 6 Prioritéiten fir d'Stad

1. **Bezuelbart Wunnen: d'ADR huet konkret Solutiounen z.B. fir méi wéi 1500 zousätzlech Sozialwunnengen unzebidden.**
2. **D'Recht op e Liewen an Sécherheet ass e fundamentaalt Recht vum Bierger. Mier fuerderen eng seriéis Policepräsenz am ëffentleche Raum.**
3. **Ee Verkéiersmëttel däerf net weider géint all déi aner ausgespillt ginn. Mir wëlle keng autofräi Stad!**
4. **Famillje mat Kanner brauchen beschtméiglech Ënnerstëtzung. Nieft schéine Spillplaze muss d'Schoul an d'Maison relais optimal Konditioune bidden.**
5. **D'Lëtzebuerger Sproch ass dat wichtegst Mëttel zur Integratioun. D'Stad muss mam gudde Beispill virgoen, z.B. mat Broschüren, de Formulären an um Internetsite.**
6. **D'ADR well eng liewenswäert Stad. Dozou gehéiert och eng propper Stad wou den ëffentleche Raum net duerch Graffiti a Pechbiller verschampeléiert gëtt oder d'Leit belästeg ginn.**

# Tourismus: fir méi e schéint Bild vun der Stad!



Den Tourismus spillt eng wichteg Roll am Horesca-Secteur a fir eis ganz Ekonomie. D'Bild vun der Stad dat d'Touristen aktuell gesinn, ass net schéin! D'Alstad, ronderëm dem Palais, ass zanter Joer an Dag e permanente Schantjen. Dat selwecht gëllt fir de Knuedler, wou och déi schéinste Baatschen dat grousst Lach net verstoppen. D'Plëss, eis "gutt Stuff", ass een eenzege Fléckteppech.

De risege Schantjen Hamilius mécht och de Wee vum Boulevard Royal an d'Uewerstad zu engem "Parcours du Combattant". Eng vun de schéinste Vuen aus der Stad, d'Foto vum Siège vun der Spuerkeess mat der "néier Bréck", kann een nëmme méi op Postkaarte bewonneren. Do gëtt de Schantjen onnéideg an d'Längt gezunn, well eng Bréck ënnert der Bréck gebaut gëtt.

De Kierchbierg ass, a bléift nach laang, een eenzege Schantjen. D'ADR, déi als eenzeg géint den Tram gestëmmt huet, esou wuel an der Chamber wéi och an an der Gemeng, mécht drop opmierksam, datt dat schlëmmst nach virun eis steet, wa bis d'Aarbechten iwwert de Glacis eraus ginn.

D'ADR verlaangt, och wéinst dem Tourismus, datt d'Schantercher besser geplangt, méi koordinéiert a méi séier viru ginn. Dobäi däerfen d'Accèsen net an e Labyrinth verwandelt ginn.

D'ADR fuerdert, datt méi Ustrengunge gemaach ginn, fir datt d'Touristen och iwwer Nuecht an der Stad (oder am Land) bleiwen.



# Nohalteg Defiziter?

De Blo-Grénge Schäfferot um Knuedler huet a 6 Joer un der Muecht virun allem op Nohaltegkeet gesat. Bei der Verwaltung vu Steiergelder gouf dee Prinzip awer iwwer Bord gehäit an d'Geld ass mat der Schubkar zur Fënster erausgeworf ginn. 2016 ass mat engem Defizit vu 103 Milliounen ofgeschloss ginn. Fir 2017 ass en Defizit vu 84 Milliounen am Budget ageplangt.

D'Erklärunge sinn ëmmer déi selwecht: d'Investissementer wären héich, d'Stad géing op d'Zukunft virbereet ginn. D'ADR begréisst Projeten do wou se néideg sinn, an huet déi och am Gemengerot matgedroen. Onsënneg Projeten, déi vill ze vill deier waren, huet d'ADR awer ëmmer ofgeleent.

D'Lëscht vun onmoosseg deiere Projeten ass awer ganz laang, dofir hei nëmmen zwee Beispiller: 21Milliounen Euro (!!!) fir d'Renovatioun vum Parking Neipperg, 3,3 Milliounen Euro fir d'Erneierung vum Pavillon am Parc Märel! A béide Fäll bleiwe bei dëse Schantercher d'Grondstrukturen erhalen! E weider Problem, deen de Budget belaascht, sinn déi vill Depassementer vun den Devisen.

Net nëmmen déi jonk Leit an der Stad kënnen sech iwwert esou extravagant Depensen iergeren! Et sinn déi zukünfteg Generatiounen, déi fir de Kaafsucht vu Polfer, Tanson a Co. mussen opkommen. Déi finanzielle Reserve vun der Stad Lëtzebuerg sinn a Gefor, wa Blo-Gréng mat nohaltegen Defiziter weider däerf maachen.

Datt Investissementer fir d'Zukunft musse gemaach ginn, steet ausser Fro. Vill Pläng – a Verspriechen virun de Walen - sinn awer reng Prestigeprojeten, wéi zum Beispill d'Vëlosbréck iwwert d'Neiduerf (déi d'Neiduerfer a vill anerer net wëllen) oder den Tram (déi vill Problemer bréngt a keng léist). Dofir setzt d'ADR sech fir eng strikt a pragmatesch Budgetspolitik fir d'Stad Lëtzebuerg an.

# Eidel Wunnenge vun der Stad: verlounen, ELO!


1

Bei alle Problemer um Wunnengsmaart ass et kaum ze gleewen: Dosende vu Wunnengen, déi der Stad Lëtzebuerg gehéieren, stinn eidel! Dat kann dach net sinn... denkt een sech do! An awer: mir hunn de Beweis, datt d'Stad Lëtzebuerg zanter Jore Wunnengen, déi se kaf huet, einfach eidel stoe léisst. En zougemauerten Dreckseck a Clausen (Foto 1) amplaz eng flott Wunneng. Wien ass Proprietär? D'Stad Lëtzebuerg!

Gebaier gi vun der Stad opkaaft an esou dem private Maart entzunn. Duerno geschitt... näischt. Zanter elo 8 Joer steet dëst Haus (Foto 2) eidel, an en ass net dat eenzegt um Malakoff. Do wär sécher Zäit gewiescht, fir déi néideg Renovatioun duerchzeféieren, fir esou déi grouss Wunneng enger Famill mat vill Kanner als Doheem unzebidden.

Och d'Wunnenge lenks a riets iwwert dem Bou (Foto 3) stinn eidel. Eenzeg an eleng en Haus, wat a privaten Hänn steet, ass gutt renovéiert a bewunnt. Am ënneschten Deel vun der Malakoff-Strooss steet zanter Méint eng Wunneng eidel, déi der Stad gehéirt. Dës kéint kuerzfristeg a mat einfache Mëttele an d'Rei gesat a verlount ginn. Eleng um Malakoff si ronn 14 Wunnengen an 8 Gebaier zanter Méint a Joren eidel!

Fir d'ADR ass dëst en Hohn an e Beweis fir d'Inkompetenz vun der Blo-Grénger Majoritéit an dëser Fro.

**Wieler: loosst Leit, déi eppes dovu kënnen, sech em dëse Problem këmmeren. Schluss mat Wunnengen am Besëtz vun der Stad Lëtzebuerg déi eidel stinn! Renovéieren a verlounen: ELO!**


2


3

Dir fannt ons Politik gudd?
Notre politique vous plaît?
Dir wëllt ons ënnerstëtzen?
Vous aimeriez nous soutenir?
Da maacht en Don!
Alors, faites un don!

Ons Konten/Nos comptes
CCPLLULL LU14 1111 0913 0730 0000
BCEELULL LU91 0019 3555 2956 6000

Merci

## Vill ze vill Schantercher



Och wann eis Stad wiisst a sech verännert, däerf awer den Awunner hier Liewensqualitéit net total vernoléissegt ginn! Vill ze vill Schantercher, déi net genuch kontrolléiert a koordinéiert ginn, maachen a munche Quartieren d'Liewensqualitéit futti.

Och d'Geschäftswelt leit. Mir wëllen net, datt d'Geschäfter aus der Stad gedriwwe ginn. Dozou gehéiert och datt de Client vun ausserhalb genuch Parkméiglechkeete muss hunn. Dat selwecht gëllt fir Handwierker, déi bei d'Leit an d'Stad schaffe kommen.

D'ADR well eng liewenswäert Stad. Dozou gehéiert och eng propper Stad wou den ëffentleche Raum net duerch Graffiti a Pechbiller verschampeléiert gëtt oder d'Leit belästegt ginn.

# Sport a Kultur: an d’Jugend investéieren



D’ADR leet en héije Wäert op d’Famill an op eis Jugendlech. Mir mussen hinnen all Méiglechkeete bidden, fir sech esouwuel sportlech, wei kulturell ze entwéckelen. Dëst gëllt fir de “Breedesport”, mee och wann den néidegen Talent do ass, fir eis jonk Leit op eng professionell Karriäre virzebereeden.

Dofir ass et fir d’ADR immens wichteg, datt d’Stad Lëtzebuerg an déi néideg Infrastrukturen investéiert fir eis Kanner vun der Strooss ze huelen an a soziale Gruppen ze bannen. Sportlech a kulturell Aktivitéite sinn déi beschte Méiglechkeet fir Kanner aus allen Schichten, Nationalitéiten a Kulturkreesser an d’Gesellschaft ze integréieren. Dofir muss déi finanziell a materiell Ënnerstëtzung vu Kultur- a Sportveräiner, besonnesch fir d’Jugendaarbecht, eng Prioritéit am Budget sinn.

De Blo-Grénge Schäfferot schéngt als eenzeg Prioritéit am Sport de Bau vum Nationalstadion fir de Fussball an de Rugby ze hunn, anstatt an hier Jugend ze investéieren. Op där anerer Säit feelt et de Clibb aus der Stad un Halen, Terrainen an aner wichteg Sportsinfrastrukturen, besonnesch fir déi vill Jugendaarbecht a gudde Konditiounen ze organiséieren. Ee Beispill: d'Stad huet keen eenzege Sall dee fir Futsal ausgeleuecht ass. D’ADR schléit vir, datt och d'Clubcotisatioune fir Famillje mat vill Kanner, oder manner finanzielle Mëttelen, solle vun der Stad iwwerholl ginn.

Et geet awer eleng mat der Finanzéierung net duer. D’Zesummenaarbecht mat der Maison relais muss esou gereegelt ginn, datt d’Veräiner keng Steng an de Wee geluecht kréie fir Kanner op den Training, respektiv an de Museksunterrecht ze kréien.

D'ADR wäert sech dofir asëtzen, datt eis Jugendlech net op der Streck bleiwen, an datt eis Veräiner, déi vum onermiddlechen Engagement vun de Volontaire liewen an iwwerliewen, an alle Sportaarten, un deenen d'Jugend Spaass fënnt, déi néideg Ënnerstëtzung kréien.

Och an der Kultur gëtt vill an Infrastrukturen, wéi de “groussen Theater”, investéiert. Den Engagement, zum Beispill an d’Museksveräiner vun der Quartieren, hält sech dogéint a Grenzen.

## Matschaffen! Froen? Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen oder wëllt Dir bei ons aktiv matschaffen, dann zéckt net a rufft un, ënner der Nummer:

**+352 26 20 37 06**

## Collaborer! Questions? Propositions!

Vous avez des questions ou propositions ou vous voulez vous engager activement dans notre parti? N‘hésitez pas et contactez-nous sous le numéro:

**+352 26 20 37 06**

## Keng autofräi Stad!

D’ADR ass der Iwwerzeegung, datt an der Stad ee Verkéiersmëttel net weider däerf géint anerer ausgespillt ginn. Foussgänger, Vëlosfuerer, Benotzer vum ëffentleche Verkéier AN Automobilisten a Motocyclisten hier legitim Bedierfnisser musse respektéiert ginn.

Wann d’Pläng vum Blo-Grénge Schäfferot verwierklecht ginn, da kritt den Tram, vun der Gare duerch d’Nei Avenue, de Boulevard Royal an zum Beispill op der Stäreplaz d’absolut Prioritéit. All déi aner Verkéiersmëttelen, och de Bus, mussen da kucken, wou se nach laanscht kommen!

D’ADR wëllt keng autofräi Stad, och wann déi Gréng dovunner dreemen! Mir maachen och der "Maximal 1 Parking pro Wunneng" Politik en Enn! D'Recht op e Parking oder eng Garage däerf kee Privileeg sinn, mee e Recht fir all Bierger.

## Solidaritéit fir Leit am héijen Alter heescht och, eis Senioren eescht huelen!













Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet droen zu enger gudder Liewensqualitéit bäi. Fir d’Solidaritéit géigeniwwer deene Matbierger am héijen Alter an deene mat Krankheeten oder Behënnerungen, muss och d’Stad Lëtzebuerg mat Verantwortung droen. Zesumme mat spezialiséierten Associatiounen an Hëllefsdéngschter muss si dozou bäidroen, datt déi betraffe Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Liewen ausgeschloss ginn.

Eng Rei Servicer vun der Stad, eleng oder mat de concernéierte Veräiner, offréiere wuel eng ganz Palette vun esou Déngschter. Et huet awer vill Interventioune vun der ADR am Gemengerot gebraucht, fir zum Beispill beim “Iessen op Rieder” d’Qualitéit vun de Platen op en zäitgeméissen Niveau ze bréngen.

D’ADR verlaangt weider, datt alle Leit, och a besonnesch eisen eelere Leit, nogelauschtert gëtt, an datt si eescht geholl ginn. Et ass net ze toleréieren, datt zum Beispill no Reklamatioune Bierger am drëtten Alter vun Aktivitéite vum “Service seniors” ausgeschloss ginn. **D’ADR wäert weider dofir Suergen, datt jiddwereen, och d’Leit am héijem Alter, eescht geholl ginn!**

# Zu einer lebenswerten Stadt gehört Sauberkeit und Sicherheit









Sauber ? Na ja... Was wir da unseren Gästen und Einwohnern in der Stadt, speziell auch in der Oberstadt, z.B. um den großherzogliche „Palais" herum, bieten, ist alles andere als "clean", um im anglophonischen Newspeak zu bleiben.

Dass Baustellen über die Sommermonate stillstehen, ist unserem kollekiven Zwangsurlaub geschuldet. Muss aber eine Baustelle wie die "rue de l'Eau" so grässlich abgesichert sein? Muss das Betreten der Zugangswege zur Besichtigung des „Palais" einer Mountainbikeaufgabe gleichen? Müssen Stromkästen, Straßenlampen, Mülleimer etc. mit Aufklebern und sinnfreiem Graffiti verunstaltet werden?

Wir als ADR werden eine Spezialeinheit mit dem ständigen Säubern von "urbanem Mobiliar" beauftragen und dafür sorgen, dass die ganze Stadt einen sauberen und ordentlichen Eindruck macht.

Gegen ungebührliches Verhalten (Pinkeln, agressives Betteln, Verunreinigungen aller Art usw. ) muss mit Nachdruck vorgegangen werden. Wo die Stadt selber nicht die notwendigen Mittel hat (z.B. mangels Gesetzgebung zum Platzverweis ...), muss der notwendige Druck auf die jeweilig herrschende Regierung ausgeübt werden!

Es ist inakzeptabel, dass Menschen, ob Einheimische oder Besucher, angepöbelt oder anderweitig belästigt werden! Auch Geschäftsleute oder Bewohner haben das Recht, dass Ihre Eingänge nicht durch Fäkalien oder andere Körperausscheidungen verunreinigt werden. Die Stadt Luxemburg steht in der Pflicht, hierfür Sorge zu tragen!

**Eine lebenswerte Stadt ist eine sichere und saubere Stadt! Hier genügen keine Parolen, sondern es bedarf konkreter Taten!**

## Was für ein Fest: Bussi-Bussi und Champagner für die Einweihung des „Parc Mansfeld" ...

Sind wir als ADR gegen diese Idee? Mitnichten! Von zeitgeschichtlicher Einleitung, Platz für Touristen und Einheimische, Schachtische, Hundeklo, megacoolem WC, Boule-Piste, ansprechendem Mobiliar: Herz was begehrst du mehr?

Außer dass seit der Bussi-Bussi und Champagner Einweihung nichts mehr passiert ist. Brennnesseln überwuchern die teuren Holzmöbel, das Klo ist verschlossen (trotz 1Euro Münzeinwurf bleibt es verschlossen), hier sitzen, lesen, Schach spielen will niemand ...

Jeden Morgen und jeden Abend müssen Stadtbedienstete die Zugänge auf- und zusperren. Damit hat es sich. Dieser "Park" ist Bling-Bling als Projekt und schlecht gepflegt wie so vieles was Blau-Grün anpackt ...





# Mat der ADR an de Quartieren

De Komitee vun der ADR-Stad ass sech net ze schued, fir sech em Problemer ze këmmeren, déi aus der Siicht vum Stadhaus aus vläicht kleng ausgesinn, déi de betraffene Bierger awer grouss Suerge maachen.

Nieft Clausen huet eng Equipe sech zu Zéisseng ëmgekuckt. Hei goufe virun 20 Joer ganz einfach Beem, déi héich wuessen, a kleng Lächer, vu ronn 1 Meter op 1 Meter, geplanzt. „Mon Dieu, wou ass de Problem ?", kann een sech do froen.

Abee, déi Beem sinn haut doubel esou héich ewéi d'Haiser. Hir Wuerzelen hu scho Gasleitunge gehuewen a Rëss an den Afaarte vu Nopeschhaiser provozéiert.

Et sinn déiselwecht Ökogréng, déi d'Allee Scheffer ofgeholzt hunn, déi d'Awunner vun Zéisseng mat hire Problemer eleng loossen! Hei ass et awer héich Zäit, fir d'Beem ëmzeplanzen, oder wann et net aneschtes geet, ofzeholzen, fir se duerch méi kleng Beem, déi an eng Wunngéigend passen, ze ersetzen.

**Och zu Zéisseng, wéi an aner Quartieren, steet d'ADR fir déi eenzeg richteg Léisung!**





adr

A.D.R - Alternativ Demokratesch Reformpartei

| | | |
|---|---|---|
| Goergen Marceline | | |
| Reding Roy | | |
| Alves De Sousa Christiano | | |
| Clement Béatrice | | |
| Daubenfeld Mario | | |
| De Melo Diniz Vera | | |
| De Michelis Pasquale | | |
| Faber-Schanen Marie-Andrée | | |
| Fuchs née Ciuca Marie-Thérèse | | |
| Glesener Alain | | |
| Goergen Marie-Jeanne | | |
| Grethen Claude | | |
| Harsch Raymond | | |
| Jung Louis | | |
| Jung Romain | | |
| Jung Tessy | | |
| Kies Christiane | | |
| Marinovic Jelena | | |
| Muller Nadejda | | |
| Moes René | | |
| Nimax Albert | | |
| Penning Alex | | |
| Poos Jean-Paul | | |
| Reding Felix | | |
| Soultanova Goulnora | | |
| Speidel Gaston | | |
| Wickeler Mill | | |

**de pefferkär**

**Oplag: 50.000**
**Verantwortlech fir dëse Pefferkär fir d'Stad Lëtzebuerg ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei**
**22, rue de l'Eau**
**L-1449 Lëtzebuerg**
**www.adr.lu**

— — ausschneiden an un d'ADR 22, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken (adresser à) — — —

## Gitt Member an der ADR, devenez membre du ADR!

Joresbäitrag (Cotisation): 14€, 20€ (Stot / ménage), 5€ (Schüler, Student / écolier, étudiant)

**Numm, Virnumm (Nom, prénom):** ........................................

**Adress (Adresse):** ........................................

........................................

**Telefon (Téléphone):** ........................................

**E-Mail (Courriel):** ........................................

adr

# D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg


Goergen Marceline
Kierchbierg


Reding Roy
Hollerech


Alves De Sousa Cristiano
Neiduerf/Weimeschhaff


Clement Beatrice
Millebaach


Daubenfeld Mario
Neiduerf/Weimeschhaff


De Melo Diniz Vera
Bouneweg


De Michelis Pasquale
Belair


Faber-Schanen Marie-Andrée
Zens


Fuchs Marie-Thérèse
Zens


Glesener Alain
Bouneweg


Goergen Marie-Jeanne
Pafendall


Grethen Claude
Pafendall


Harsch Raymond
Bouneweg


Jung Louis
Dummeldeng


Jung Romain
Bouneweg


Jung Tessy
Neiduerf


Kies Christiane
Zens


Marinkovic Jelena
Belair


Moes René
Neiduerf/Weimeschhaff


Muller Nadejda
Belair


Nimax Albert
Bouneweg


Penning Alex
Belair


Poos Jean-Paul
Zéisseng


Reding Felix
Uewerstad


Soultanova Goulnora
Märel


Speidel Gaston
Bouneweg


Wickeler Mill
Bouneweg

adr

www.adr.lu